N°3248
Entrée le 26.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.11.2025
Chambre des Députés

Monsieur Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 26. November 2025

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Zu Lëtzebuerg ënnerleien eng ganz Partie Gesondheetsberuffer, grad wéi och d'Professions médicales, enger *Autorisation d'exercer*, déi vum Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet ausgestallt gëtt.

An deem Kontext hu mir follgend Froen un d'Madame Ministesch:

- Wéi vill Demanden fir eng *Autorisation d'exercer* goufen an de leschte fënnef Joer beim Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet agereecht?
- Wéi héich waren an de leschte fënnef Joer d'Delaien, an der Moyenne an no Joer, fir d'*Autorisation d'exercer* ze délivréieren?
- Wéi vill Persounen schaffen aktuell am zoustännege Service vum Ministère, deen d'Demanden fir d'*Autorisation d'exercer* traitéiert?
- Wéi huet sech dës Zuel an de leschte fënnef Joer entwéckelt?
- Gesäit d'Madame Ministesch d'Noutwendegkeet, dëse Service ze verstäerken fir d'Delaien ze verkierzen an esou eng méi séier Integratioun vu qualifizéierte Fachleit an de Gesondheetssecteur ze erméiglechen?

Mat déiwem Respekt

Claire Delcourt
Deputéiert

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten